LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Service information et presse

**Cérémonie de commémoration du 75e anniversaire du premier convoi de déportation des Juifs de Luxembourg à Litzmannstadt, le 16 octobre 1941**

***Verrière de la Gare de Luxembourg, le 16 octobre 2016***

**Discours du président de la Chambre des députés, Mars Di Bartolomeo**

Altesse Royale,
Här Staatsminister,
Här President vum Consistoire israélite,
Léif Schüler,
Dir Dammen an Dir Hären,

Ech gehéieren zu där éischter Nokrichsgeneratioun an obwuel ech keen Zeie vun all deene Grujhelegkeeten aus deem schwaarze Kapitel vun eiser Geschicht sinn, hunn ech vun Doheem villes matkritt. Vu Kand un war fir mech Krich, Diktatur, Verfollegung, Haass, institutionaliséiert dout maachen eppes Schreckleches.

An och wann ech villes erzielt krut, villes driwwer gelies hunn, vill Fotoen a Filmer gesinn hunn an elo grad nach iwwermëttelt Témoignagen héieren hunn, sou geet mäi Virstellungsverméigen net duer, fir mech an d'Situatioun ze versetze vun deenen 323 Judden, Kanner, Jugendlecher, Männer a Fraen, déi an der Nuecht vum 16. op de 17. Oktober 1941 an engem Zuch an eng ongewëss Zukunft verschleeft goufen.

Et ginn awer nach Mënschen, zu Lëtzebuerg an an Europa, déi duerch d'Hell vum zweete Weltkrich gaange sinn.

Wéi ech am Januar zejoert zu Theresienstadt fir d'Gedenkfeier fir d'70 Joer Befreiung vum KZ war, huet den Här Felix Kolmer, e Mann vun haut 94 Joer vu Prag, deen Ausschwitz an Theresienstadt iwwerlieft huet, eng beandrockend an emouvant Ried gehalen, wou ech net nëmmen **no** un den Tréine war.

Hien huet beschriwwe wéi hien, och nach haut, ëmmer erëm dat, wat hien erlieft huet, nuets a sengen Albdreem erëmbegéint : Frënn a Familljememberen, déi viru sengen Ae stierwen oder an d'Gaskummere musse goen. Dësen Albdram, sot hien, ass eréischt eriwwer, wann hie stierft.

Während senger Zäit am KZ an am Ghetto, huet den Här Kolmer ëmmer erëm dovu gedreemt, wéi d'Liewen dono kéint ausgesinn, wéi hien sech géif wënschen, datt et géif ausgesinn, e Liewen a Fridden an Demokratie, ouni Krich. (An Europa hu mer haut e Liewen a Fridden an Demokratie, ouni Krich.)

Den Här Kolmer huet och erzielt, datt et direkt nom Krich net einfach war, fir hien an all déi befreite Prisonéier, fir ouni Haass op Nazi-Däitschland ze sinn. Et war e laange Prozess fir ëmzedenken, sot hien an Haass ass eng ganz onkonstruktiv Manéier fir ze denken.

Trotz dem Horror, deen den Här Kolmer erlieft huet, huet hien, Jooren nom Krich, däitsch geléiert.

Trotz all deem Misär, deen hien erlieft a gesinn huet, empfënnt den Här Kolmer keen Haass. Hien huet zu engem **positiven** Denke geroden. Fir hien ass et wichteg, datt déi aner Leit an déi aner Generatiounen aus sengen Erfahrunge léieren. Hien huet e Besoin fir de Leit ze soen : suergt dofir, datt Verbriechen un der Mënschheet ni méi geschéien.

Dir Dammen an Dir Hären,

Un der Vergaangenheet kënne mer leider näischt änneren. Den Zweete Weltkrich mat all senge Grausamkeete gehéiert zur Lëtzebuerger an zur europäescher Geschicht.

Mee mer si responsabel fir d'Géigewaart an d'Zukunft. An dofir muss d'Erënnerung wakereg gehale ginn.

An ech zitéieren do den däitsche Politiker Friedrich Schorlemmer : « Erinnern kann nicht ungeschehen machen, aber die Wiederholungswahrscheinlichkeit verringern. »

An et läit an eisen Hänn, ze verhënneren, datt esou eppes nach emol geschitt. Et dierft NI méi geschéihen ! An dach ginn d'Verbriechen un der Mënschheet am mëttleren Osten, an Afrika, an op anere Plaze weider. Och do musse mer eis engagéieren, fir déi Verbriechen un onschëllegen Zivilisten ze stoppen.

Ech wëll dofir deene jonke Schülerinnen a Schüler mäi Respekt a mäi Merci ausdrécken, déi viru kuerzem iwwer 3.000 Ënnerschrëfte gesammelt hunn, fir d'Bombardementer géint Zivilisten a Syrien ze stoppen.

Dir Dammen an Dir Hären,

Mer hunn an de leschte Jore vill Efforte gemaach, fir eis Geschicht opzeschaffen. Mee et ass nach laang net alles opgeschafft.

Den 9. Juni 2015 hu mer an der Chamber iwwert d'Conclusiounen vum Rapport vum Vincent Artuso iwwert d'Fro vun de Judden zu Lëtzebuerg tëscht 1933 an 1941 an d'Roll vum Lëtzebuerger Staat a sengen Institutiounen an deem däischtere Kapitel vun eiser Zäit geschwat. D'Diskussioune ware wierdeg.

Mat der Resolutioun, déi eestëmmeg vun alle 60 Deputéiert ugeholl gouf, hunn d'Lëtzebuerger Chamber an d'Lëtzebuerger Regierung sech offiziell bei der jiddescher Communautéit entschëllegt, fir Feeler an Ënnerloossungen aus där Zäit, déi d'Juddeverfolgung duerch d'Nazien erliichtert hunn.

Mer hunn eis virun den Affer vun de Verbriechen un der Mënschheet während der Nazizäit vernäipt an den Iwwerliewenden an hire Familljen eisen déiwe Respekt ausgedréckt.

Mer hunn domat Verantwortung fir en donkelt, en dramatescht Kapitel aus eiser Geschicht iwwerholl. Mee dat geet net duer.

Mat der Zäit gëtt d'Distanz zum Zweete Weltkrich méi grouss. Déi éischt an deelweis déi zweet Generatiounen nom Krich kruten d'Erliefnisser nach direkt vun den Iwwerliewenden erzielt. Et gëtt awer ëmmer manner Zäitzeien, déi hire Familljen an eis all dat Erlieftent kënne weider ginn. Dofir musse mer hier Roll iwwerhuelen an eis d'Moyene ginn fir d'Mémoire collective iwwer déi Verbriechen un der Mënschheet lieweg ze halen.

D'Vergaangenheet muss weider opgeschafft ginn. Et ass wichteg, fir weider historesch Recherchen ze maachen, fir ze verhënneren, datt « vergiess » gëtt. Mer hunn d'Flicht, fir d'Zukunft vun der Erënnerung ze garantéieren.

Dofir begréissen ech all déi Efforte fir d'Mémoire ze erhalen an ze verdéiwen, sief et d'Schafe vum Comité fir d'Mémoire vum Zweete Weltkrich oder den Institut fir zäitgenëssesch Geschicht, de geplangten Institut fir politesch Bildung, eis Monumenter a Commemoratiounszérémonien, esou wéi déi vun haut.

Nëmme wa mer d'Geschicht richteg kennen, erklären a weider vermëttelen, kënne mer verhënneren, datt sech d'Vergaangenheet widderhëlt.

Mer, déi zweet an drëtt Generatioun nom Krich, mussen eis engagéieren, fir alles ze maachen, dass esou Grujhelegkeeten net méi kënne geschéihen, fir d'Mënscherechter an eis Grondwäerter weider mat aller Kraaft ze verteidegen a géint all Form vun Antisemitismus, Rassismus, Haassverbriechen a Friemenhaass schonn am Usaz ze kämpfen.

Déi Generatiounen, déi d'Chance hunn a Fridden an Demokratie ze liewen, mussen erkennen, datt Fridden, Fräiheet, Mënscherechter an Demokratie net selbstverständlech sinn a mat engem héije Präis vun eise Virgänger erkämpft goufen.

Et läit an eisen Hänn, eis Méiglechst ze maachen, datt Vergiessen net méiglech ass an d'Erënnerung wakereg bleift.

*Seul le discours prononcé fait foi.*